Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
Juni 2017 - XLIX/2

# El Salvador - Luxembourg

## « Eise Verkafsstand »

**Léif Leit,**

Eng intressant Aktivitéit vun eiser Fondatioun ass de Verkafsstand, mat deem mir regelmäßeg op verschiddene Märt uechter d' Land deelhuelen. Heifir hu mir en Zelt vun 3 op 3 Meter, eng hallef Dose grouss Këschte mat de Verkafsartikelen an en Dësch, dee mat den Artikelen aus El Salvador dékoréiert gëtt. Dëst sinn alles schéi faarweg Originalobjeten, wéi Hand-, Bued- a Plagendicher, Buedmäntel, T-Shirten, allerlee Holzartikelen, awer och Ketten, Ouerréng a Poschen, an der Adventszäit och Krëppercher a weider Artikele fir Chrëschtdag. De Stand gëtt flott präsentéiert, Dicher an T-Shirten opgehaang, eisen Informatiounstableau opgestallt, an da kënnen d'Leit kommen.





Oft si mir an der fräier Natur, a sinn de Wiederkaprioulen ausgeliwwert. Mol ass et ze waarm, mir haten alt bis zu 35 C° am Schied, oder et ass ze naass, da komme verständlecherweis och net vill Leit, oder et stiermt, sou datt och emol en Zelt fortflitt a futti ass, alles dat hate mir schonn. Et muss een awer soen, dass et dach Spaass mécht, ënnert de Leit ze sinn, mat hinnen ze schwätzen, an nei Bekanntschaften ze maachen.
Et geet an éischter Linn net ëm de Verkaf vun de Saachen, mee mir wëlle Reklamm fir eis Fondatioun maachen, d'Leit op den Aarmut an El Salvador opmierksam maachen, eis Projetë virstellen, an esou nei Kontakter an nei Donateure gewannen.
Op dëser Plaz soll all deenen, déi regelmässeg op eisem Stand hëllefen, Merci gesot ginn. Et ass haut net méi selbstverständlech, datt Leit sech benevol en Dag laang hannert e Stand stellen, an hir Hëllef an Zäit afferen. Awer och alle Leit, déi eis mam Kaf vun den Artikelen ënnerstëtzen, e grousse Merci. Dëst soll och en Opruf si fir Leit, déi wëllen eng Hand upaken, sech bei eis ze mellen. Mir si frou fir all zousätzlech Ënnerstëtzung.
Eis Verkafsstänn 2017: de 14. Mee zu Käl um Blummemoart, den 28. Mee zu Biergem op der Journée du bénévolat, den 18.Juni zu Hesper op der Fête de l'Amitié, den 2.Juli zu Diddeleng um Drëttweltmaart, de 15.August zu Greiweldeng um Léiffrawëschdag, den 2.an 3. Dezember zu Conter, an de 15.bis 17. Dezember zu Määertert am Park um Adventsmaart. Kommt roueg laanscht, ënnerstëtzt eis mam Kaf vun engem originelle Cadeau, an informéiert iech iwwer déi lescht Neiegkeeten aus El Salvador.
Iech all wënschen ech, am Numm vun der Fondatioun Lëtzebuerg-El Salvador, eng schéi Summerzäit, eng erhuelsam Vakanz, an hoffentlech bis geschwënn op engem vun eise Stänn.




Roland Milbert
*President vun der Fondatioun*

# « Rapport iwwer d'Aktivitéite vun der "Fundación La Sagrada Familia" zu Santa Ana am Joer 2016 »

Mir erlaben eis, iech e Rapport aus der leschter Haaptversammlung vun der Stëftung Lëtzebuerg-El Salvador weider ze ginn: et handelt sech ëm de Rapport vun den Aktivitéite vun eiser Partnerfondatioun La Sagrada Familia aus Santa Ana, déi e.a. responsabel ass fir d'Ëmsetze vun eisem Projet Kannerhaus. Mir soen eisem Member Guy Scholer merci fir d'Redaktioun vun deem Text.

Dese Rapport baséiert op zwee Dokumenter, déi mer vu Santa Ana kritt hun: Ee kuerze Rapport iwwer d'Ënnerstëtzung vu Kanner am schoulesche Beräich (refuerzo escolar), an e Rapport iwwer déi lescht Generalversammlung vun der Fondatioun.
Am Kader vum Projet Kannerhaus hunn 105 Kanner vun der Ënnerstëtzung beim Léiere profitéiert. Pro Dag



koumen an der Moyenne 55 Meedercher a Jongen an d'Nohëllefstonnen; si kommen aus 13 Schoulen aus verschiddene Quartiere vu Santa Ana. Si hunn zu 100% hir Klass gepackt, e puer hunn sech souguer ënnert déi bescht Schüler klasséiert.
De Rapport schwätzt awer net nëmme vu Schoulresultater, mee och vu Fortschrëtter um allgemeng mënschlechen a moralesche Plang. D'Komerodschaft, déi géigesäiteg Ënnerstëtzung an de Respekt vis-à-vis vun Erwuessene si gewuess. Et gouf keen agressivt Verhale festgestallt; d'Aktivitéite sinn an enger harmonescher an häerzlecher Atmosphär ofgelaf. D'Konzentratioun an d'Opmierksamkeet si gewuess grad ewéi déi perséinlech Verantwortung fir déi eegen Aufgaben. D'Kanner maache mat an den Atelieren an och bei Spiller a sportlechen Aktivitéiten; dobäi haten déi 3 Veloe vill Succès.
Bei eenzelne Feiere weisen d'Kanner hir Fähegkeeten a Fortschrëtter, besonnesch am Danzen. D'Eltere si vum Programm begeeschtert a maache mat bei verschiddenen Aktivitéiten. Déi rekreativ a kulturell Evenementer bréngen d'Familien zesummen, verstäerken hir Relatiounen a bidden eng gesond Ofwiesslung an hirem moren Alldag.
D'Membere vun der Fundación La Sagrada Familia waren de 7. Januar 2017 fir hir Generalversammlung zesummen. Si waren zu 6 (vun am ganze 7) ënnert dem President José Edgardo Solis Siciliano. Si ënnerstëtzen den neie Projet Kannerhaus fir iwwer 65 aarm Meedercher a Jongen, deen hinnen hëlleft an hirer integraler Entwécklung, a si vu schlechten Aflëss ewech hält. D'Kanner kréie muerges an nomëttes eppes z'iessen, a fir hir medizinesch Versuergung ass eng Doktesch agestallt. All Mount gi Kierf mat elementaren Iesswueren un extreem arem Famille verdeelt.
D'Fondatioun schätzt déi gutt Zesummenaarbecht tëschent dem Personal, den Erzéier, de Familjen, den Donateure vu Lëtzebuerg an der Direktioun vun der Cooperatioun vun der Lëtzebuerger Regirung.
La Sagrada Familia stellt weiderhinn Raim fir eng ëffentlech Schoul gratis zur Verfügung, krut dofir awer bis elo keen Zeeche vun Unerkennung.
Déi grouss Kaffisplantage Finca San Luis mécht weider Defizit. Ursaache sinn dat ongënschtegt Klima, Krankheeten un de Planzen an déi niddreg Präisser um Weltmaart vum Kaffi. De Padre Henri Gloden huet Kontakter opgeholl fir eventuell d'Finca ze verkafe fir ee sozialen Zweck, z.B. eng Kannerklinik, eng Schoul, eng sozial Ariichtung, e Klouschter mat edukativer a sozialer Ausriichtung.
Déi lästeg Prozedure bei den Iwwerweisunge vu Lëtzebuerg koumen och zur Sprooch. E Grupp vun Affekote schaffen un der Verbesserung vun de Gesetzer iwwer d'Banken.
Alles an allem war et e gutt Joer fir eise Projet Kannerhaus, deen no immensen organisatoreschen an zwëschemënschleche Problemer eng valabel „Vitesse de croisière" fonnt huet, duerch d'Aschalte vun der salvadorianescher Organisatioun Fundamuni, duerch d'Hëllef vun engem Comptabel op der Plaz, duerch verstänneg Konzessioune vum Henri Gloden, duerch déi verantwortungsbewosst Bereetschaft vum Mareli an Teresa (Psychologin resp. Assistante sociale), an duerch déi onschätzbar gedëlleg Vermëttlung vum Mil Calmes. Hinnen an Iech all en häerzleche Merci!



# « Karwoche im Norden des Quiché in Guatemala »

Etwa 16 Stunden dauerte die Reise von La Majada im Westen El Salvadors bis Lancetillo im Quiché. In zwei Tagen 490 Kilometer. Der Fahrer war Salomón, Theologiestudent und früherer Lehrer aus Honduras.
Die letzten 80 Kilometer waren erregend dramatisch, op lëtzebuergesch gesot: “ Mir gung de Wapp “. Acht Stunden brauchten wir für diese Strecke.
Abgründe von 200 bis 500, vielleicht 600 Metern Tiefe! Mama mía!. Schmaler, steiler, steiniger, holpriger Weg, ohne Rand, ohne Begrenzung!!!
In einer kilometerlangen, sehr steilen kurvenreichen Abfahrt versagten plötzlich die Bremsen. Dank sei Gott, nur Gracias a Dios kamen wir unten lebend an.
Ermattet und erschöpft erreichten wir am Samstag vor Palmsonntag Lancetillo.
Die Pfarrei zählt 95 Dörfer, alle schwerstens zu erreichen: nur ein Priester, Padre Jaime Cerén aus El Salvador (34 Jahre, zuckerkrank, er war zwei Jahre Soldat gewesen). Ein Diakon, auch Salvadorianer, hilft ihm mit einigen hundert Q’ eqchi’- Laien. Die ersten Pfarrer von Lancetillo mussten vor 40 Jahren 12 Stunden zu Fuß gehen, um von Chicamán aus in die Pfarrei zu gelangen. Hut ab vor jenen Missionaren.



Die meisten Einwohner leben in der Gegenwart Gottes. Und sie sind SEHR gut. Es sind goldige Menschen. Padre Juan Alonso Fernandez, Herz Jesu Missionar aus Spanien, wurde im Jahrzehnten dauernden Bürgerkrieg in Guatemala von der Armee getötet. Zwei seiner Mitbrüder und hunderte von Laien gaben ebenfalls ihr Leben für Gott und die edlen Indios aus Guatemala.



Sie sind Lehrmeister für uns. Ganz tolle Vorbilder.
Auch Bischof Gerardi von Santa Cruz del Quiché wurde ermordet.
Jahrelang verblieben nur zwei Priester im Quiché. Die Gegend ist fast viermal so groß wie Luxemburg.
Im Quiché gibt es keine Jugendverbrecher, keine Pandilleros und auch keine Morde mehr seit Ende des Krieges.
Die Messen mit den Q’eqchi’s sind erhaben, nach Himmel und nach Gott riechend.
Ich erinnerte mich an den Bericht über jenen Direktor eines Mafiagefängnisses aus Süditalien: Nach einer Messe in Chisec im Quiché, wo er als “ Tourist “ teilgenommen hatte, bat er den Priester, ihn zu beichten, nach 38 Jahren. Sic!
Und dann: die Anmut, die Grazie, la noble belleza der guatemaltekischen Frauen aus dem hohen Norden des Landes…: der menschliche Reichtum dieser Indiofrauen im krassen Gegensatz zu der tiefwehtuenden Armut des Alltags dieser Menschen. Noch einmal: “ Oh mama mía!” Chapeau, Hut ab vor diesen noblen guatemaltekischen Indios. Viele von Ihnen sind fast Analphabeten. Aber doch sind sie eine Herausforderung an unsere menschliche Reife und unser edles Christsein: nicht mehr unbewusst, als “ Sklaven “ des heutigen kulturellen Relativismus und Säkularismus zu leben.



Nächste Klinik von Lancetillo aus: vier Stunden holperigste Reise nach Uspantán.
Ja, und staunen Sie: In dem etwa urwaldähnlichen Norden des Quiché konnte ich sehr gut schlafen. Wie schon Jahre lang nicht mehr! Wegen der sauberen Luft? Nein. Ich war dort zehn Tage lang befreit von vielfältigen, stärksten Belastungen, die meine Psyche jahrelang bedrückten. Bitteres, schleifendes Leiden, Angst vor dem Amt als Priester, als Missionar: viele, so viele Leiden verschiedenster Art, oft tiefst schürfende Schmerzen.
Meine Fahrt zu den Q'eqchi's im Quiché für die Karwoche war eine Psychotherapie von besonderer Art. Bendito sea Dios! Es war einer der schönsten Zeitabschnitte in meinem Leben.
Und heute, mehr als je vorher, leide ich in 9000 km Ferne, wegen dem Tiefstand des Glaubens in meiner Heimat, in Europa und sonstwo im allgemeinen.
Fuego en las venas. Feuer in den Adern, Titel eines Buches von Emilio Mazariegos, einem der besten, zeitgemäßen Autoren Lateinamerikas. Feuer in meinen und in Deinen Adern. Mit der Wucht wilder Bergströme, mit der Wucht unseres Blutes.
Die schäumende Wucht und " Wut " des Menschgewordenen Gottes, auch für die Popomchis, Cobaneses, Quichés, Q´eqchi's… im hohen Norden Guatemalas.
Angesichts der Herz- und Körperergreifenden Armut dieser edlen Menschen, und des Gesamtdramas der heutigen Gesellschaft wäre es ein Hohn für uns, wenn es uns an " auto - radicalidad " im Dienste der Großtragödien der Menschen fehlen würde. Als lebende Werkzeuge Gottes.

## Kurzinfo aus El Salvador

### 800 Jugendliche

800 Jugendbandenmitglieder….? Nein, deren gibt es viel mehr in El Salvador : Allein in den Gefängnissen sind es 35 – 40000 und im Freien Zehntausende mehr.
800 Jugendliche in der Hafenstadt Acajutla nehmen an den Jugendgruppen der Pfarrei teil. Bis zu dreimal die Woche versammeln sie sich in Fortbildungskursen: eine integrale, alles umgreifende Ausbildung in ihrem christlichen Glauben:
Arbeiten in Jugendpastoral von Haus zu Haus, wöchentliche Anbetungsstunde, Sonntagsmesse für Jugendliche oder Wortgottesdienst inmitten der verruchten Hafenortschaft, wo es nur so wimmelt von verbrecherischen Pandilleros oder Mareros.

Ich wünsche Ihnen und Ihren Familien eine erholsame Ferienzeit.



Ihr henri gloden

## Kontakt

**In Luxemburg:**

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93
Internet: www.elsalvador.lu
E-Mail: luxelsa@pt.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100
Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

**In El Salvador:**

Padre Enrique Gloden
Hogar Amor y Esperanza - Apartado 48
Santa Ana / El Salvador / Centroamérica
Tel. 00 503 78 77 09 78
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)

**https://www.facebook.com/hellefelsalvador**

## Impressum

**El Salvador - Luxembourg**

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

*La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, toute activité sociale et éducative dans l'intérêt de la population en détresse dans le pays d'El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l'intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d'enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (El Salvador).*